# PETITION

## pour une

## REUNION PUBLIQUE AVEC LES CITOYENS CONCERNANT LE PROJET CAMPUS BAGGERWEIER SUR LE SITE KLOSBAM

**15 mars 2024**

Chères citoyennes, chers citoyens, chers élèves, cher corps enseignant !

La liste citoyenne « Besser Zesummen » est de l'avis, que les citoyen-ne-s de la commune de Schengen ont le droit d'être informés en détail, de ce qui est planifié sur le Campus Baggerweier / Site Klosbam ; un projet qui continue à être modifié et façonné depuis 7 ans.

## L'ENJEU EST ENORME


On parle bien du projet d'infrastructure le plus important jamais réalisé sur le territoire de la commune de Schengen et :

- il est à craindre, que les ressources humaines, techniques et financières soient concentrées sur ce projet de taille pendant des années ;
- il est vraisemblable, que d'autres projets importants au profit des citoyen-ne-s risquent d'être négligés ou laissés pour compte ;
- il n'est pas exclu, que le projet global, y compris l'achat des terrains nécessaires à la construction des 3 bâtiments, coûtera bien plus que 100 millions d'euros ;
- il n'est pas du tout normal que les citoyen-ne-s ne soient pas informé-e-s correctement et surtout régulièrement sur un tel projet d'envergure.

## FAITS CONCRETS

Vous trouverez notre position par rapport à ce projet, ainsi que la liste des faits historiques, sur notre site internet en suivant ce lien : **https://www.besserzesummen.com/actualités.**

Le projet a connu beaucoup de changements au fil du temps. En voici quelques exemples :



**Mee 2021**




**Fréijoer 2023**




**Dezember 2023**



**What's next ?**

# EXIGER LA CLARTE

En tant que liste citoyenne, nous sommes de l'avis que le collège échevinal est tenu d'organiser une réunion publique d'informations sur le projet „Campus Baggerweier sur le Site Klosbam", à l'intention des citoyen-ne-s de la commune de Schengen, et ceci avant le **31 mai 2024**. Lors de cette réunion, le collège échevinal a le devoir de répondre de façon transparente aux questions suivantes e.a.:

- Quel est le concept pédagogique de cette école centrale pour 600 élèves ?
- Quel est le concept de mobilité autour du site et en direction des 9 localités situées sur le territoire de la commune ?
- Quel est le concept retenu pour la caserne des pompiers ?
- Quel est le concept retenu pour le hall sportif ?
- Quel est le plan de financement global concernant le projet dans son ensemble ?
- Comment la participation des enfants, du corps enseignant et des citoyen-ne-s sera-t-elle organisée ?
- Quelles sont les possibilités d'agrandissement du site en cas de besoin de salles de classe supplémentaires ?

# SIGNEZ LA PETITION

Soutenez cette pétition avec votre signature, pour que le collège échevinal mette les cartes sur la table.

Ceci ne comporte pas d'engagement personnel, vous faites tout simplement valoir vos droits d'informations en rapport avec les plans du collège échevinal et les engagements pris par ce dernier en votre nom pour un projet que le collège échevinal s'obstine à faire réaliser « coûte que coûte ».

**Vous pouvez signer la pétition aisément :**

- **via notre site internet :**
  **https://www.besserzesummen.com/blank-4**

- **ou bien en utilisant le formulaire ci-joint**, le munir de votre signature et l'envoyer à l'adresse suivante, ou bien le déposer dans la boîte aux lettres :

  Biergerlëscht „Besser Zesummen"
  p.a. Annette WILLEMS-KIRSCH
  12 rue G. Bertrand
  L-5692 Elvange

**Le délai de clôture de la liste de pétition a été fixé au soir du 22 avril 2024**

# PETITIOUN

# FIR

# KLOERHEET

## AM PROJET
## CAMPUS BAGGERWEIER UM SITE KLOSBAM

**15 März 2024**

Léif Biergerinne, léif Bierger, léif Schoulkanner, léift Léierpersonal !

D'Biergerlëscht « Besser Zesummen » ass der Meenung, dass d'Bierger: innen vun der Gemeng Schengen musse schnellsten an am Detail informéiert ginn, wat um Campus Baggerweier / Site Klosbam wirklech geplangt ass. Zanter 7 Joer gëtt elo dorunner geplangt a gebastelt.

## VILL STEET UM SPILL


Hei geet et ëm dee gréissten Infrastrukturprojet, deen d'Gemeng Schengen jee geplangt huet an et ass:

- ze fäerten, dass all mënschlech, technesch a finanziell Ressource wäerten op Joren op dee Mega-Projet konzentréiert sinn;
- warscheinlech, dass aner wichteg Projeten zum Wuel vun de Bierger: inne riskéieren op der Streck ze bleiwen;
- net ausgeschloss, dass de Gesamtprojet, inklusiv den Ukaf vun Terrainen an dem Bau vun deenen 3 Gebaier méi wéi 100 Milliounen Euro kéint kaschten;
- net normal wann d'Bierger: innen net reegelméisseg iwwert esou ee Mega-Projet informéiert ginn.

# FAKTEN

Eis Positioun zum Projet mat alle Fakte fannt Dir op eiser Hompage iwwert de Link https://www.besserzesummen.com/actualités.

De Projet huet am Laf vun der Zäit dauernd geännert, hei just e puer Beispiller :



Mee 2021

Gemengerotsitzung wou ee Schäffen mat der Oppositioun dogéngt gestëmmt huet.



Fréijoer 2023

Am Kader vum Walkampf, ee Flyer vum Schäfferot un all d'Haushalter.



Dezember 2023

Nei Variant an enger sougenannter Aarbechtssëtzung vum Gemengerot.



???

Wou geet d'Rees eigentlech hin ?

# KLOERHEET FUEDEREN

Mir sinn als Biergerlëscht der Meenung, dass de Schäfferot vun der Gemeng Schengen nach virum **31. Mee 2024** eng Informatiounsversammlung zum Projet „Campus Baggerweier um Site Klosbam" organiséiere muss, a bei dëser Geleeënheet, ënner anerem, follgend Froe kloer beäntwert:

- Wéi gesäit dat pedagogescht Konzept fir eng Zentralschoul fir 600 Schüler aus?
- Wéi gesäit dat Mobilitéitskonzept ronderëm de Site an a Richtung vun den 9 Dierfer aus?
- Wéi gesäit d'Konzept vun der Pompjeeskasär aus?
- Wéi gesäit d'Konzept vun der Sportshal aus?
- Wéi gesäit de Finanzéierungsplang fir dee ganze Site aus?
- Wéi gëtt d'Bedeelegung vun de Kanner, dem Léierpersonal an de Bierger organiséiert?
- Wéi gesäit et aus mat der Ausbaufähegkeet vum Site wann d'Gemeng méi Schoulraum brauch?

# PETITIOUN ËNNERSCHREIWEN

Ënnerstëtzt dës Petitioun mat Ärer Ënnerschrëft, fir dass d'Karten op den Dësch kommen. Dir engagéiert iech zu guer näischt, mee Dir maacht Gebrauch vun Ärem Recht fir ze wëssen, wat de Schäfferot an Ärem Numm plangt an « coûte que coûte » duerchzitt.

**Dir kennt dat bequeem maachen :**

- **iwwert eis Homepage :**
  **https://www.besserzesummen.com/blank-4**

- **oder de Formulaire** hei ënne mat Ärer Ënnerschrëft op follgend Adresse schécken oder an d'Boîte leeën :

  Biergerlëscht „Besser Zesummen"
  p.a. Annette WILLEMS-KIRSCH
  12 rue G. Bertrand
  L-5692 Elvange

**D'Petitiounslëscht gëtt den**
**22. Abrëll 2024**
**owes zougemaach.**

# PETITIOUN

## fir eng

## BIERGERVERSAMMLUNG

## ZUM PROJET
## CAMPUS BAGGERWEIER UM SITE KLOSBAM

Mat menger Ënnerschrëft fuerderen ech, dass de Schäfferot vun der Gemeng Schengen nach virum 31. Mee 2024 eng Informatiounsversammlung zum Projet „Campus Baggerweier um Site Klosbam“ organiséiert a bei dëser Geleeënheet ënner anerem follgend Froe kloer beäntwert:

- Wéi gesäit dat pedagogescht Konzept fir eng Zentralschoul fir 600 Schüler aus?
- Wéi gesäit d'Mobilitéitskonzept ronderëm de Site an a Richtung vun den 9 Dierfer aus?
- Wéi gesäit d'Konzept vun der Pompjeeskasär aus?
- Wéi gesäit d'Konzept vun der Sportshal aus?
- Wéi gesäit de Finanzéierungsplang fir dee ganze Site aus?
- Wéi gëtt d'Bedeelegung vun de Kanner, dem Léierpersonal an de Bierger organiséiert?
- Wéi gesäit et aus mat der Ausbaufähegkeet vum Site wann d'Gemeng méi Schoulraum brauch?

# PETITION

## pour une

## REUNION PUBLIQUE AVEC LES CITOYENS CONCERNANT

## LE PROJET
## CAMPUS BAGGERWEIER SUR LE SITE KLOSBAM

Par ma signature, j'exige que le collège échevinal de la commune de Schengen organise avant le 31 mai 2024 une réunion publique d'informations sur le projet „Campus Baggerweier sur le Site Klosbam“ et réponde entre autres aux questions précises suivantes avec la plus grande transparence :

- Quel est le concept pédagogique de cette école centrale pour 600 élèves ?
- Quel est le concept de mobilité autour du site et en direction des 9 localités situées sur le territoire de la commune ?
- Quel est le concept retenu pour la caserne des pompiers ?
- Quel est le concept retenu pour le hall sportif ?
- Quel est le plan de financement global concernant le projet dans son ensemble ?
- Comment la participation des enfants, du corps enseignant et des citoyen-ne-s sera-t-elle organisée ?
- Quelles sont les possibilités d'agrandissement du site en cas de besoin de salles de classe supplémentaires ?

Numm a Virnumm – nom, prénom ______________________

Wunnuert – lieu de résidence ______________________

Datum - date ______________________

Ënnerschrëft - signature ______________________